N° 5924
Reçue le 11.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.03.2022

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Am RTL Journal vum 10. Mäerz huet et geheescht, datt déi privat Busentreprisen, déi sech aktuell ëm de Schoultransport këmmeren, dës Leeschtung op Basis vu fest verhandelte Präisser iwwerhuelen. Duerch déi aktuell Rekordstänn un der Pompel, déi ausserdeem zu all Ablack weider klamme kënnen, stellt de Schoultransport fir dës Betriber mëttlerweil e Verloschtgeschäft duer.

An deem Sënn géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Gesäit d'Regierung zäitno Neiverhandlunge vun den Tariffer vum Schoultransport vir, fir d'Betriber fir dës Zousazkäschten ze indemniséieren?
2) Si weider Beräicher vum ëffentlechen Transport betraff, wou Privatbetriber ëffentlech Strecken assuréieren? Falls jo, wéi eng? Sinn och hei Neiverhandlunge geplangt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, op d'parlamentaresch Fro n° 5924 vum 11. Mäerz 2022 vum Här Deputéierte Jeff Engelen a vum Här Deputéierte Fred Keup.**

**Ad 1)**

D'Regierung brauch d'Tariffer vum Schoultransport net mat de Busbetriber ze verhandelen, well d'Kontrakter fir all Präiselement eng automatesch Präisadaptatioun virgesinn; op der Positioun vun de "Frais consommables" geschitt dës Upassung all dräi Méint.

**Ad 2)**

All Beräicher vum ëffentlechen Transport déi vu private Busbetriber bedriwwe ginn, sinn duerch Kontrakter ofgedeckt, déi regelméisseg Upassunge virgesinn; sief et de Schoultransport, de reegelméissege Linnentransport, oder och de Behënnertentransport, deen als spezialiséierten ëffentlechen Transport gëllt.

Wat de Schoultransport fir d'Grondschoulen innerhalb vun de Gemenge betrëfft, sou läit deen an der Kompetenz vun de jeeweilege Gemengen.

Lëtzebuerg, den 27. Abrëll 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch